

Ech wollt direkt op déi Problematik agoen, déi vum Här Bettendorf ugeschwat ginn ass, nämlech datt mer hei e Projet virleien hunn, wou ee kënnt vill driwwer streiden, ob ee soll alles ofrappen an en neit Gebai dohinner setzen oder ob et Sënn mécht, esou wéi d'Regierung dat hei proposéiert, fir ze renovéieren. Ech soe bewosst renovéieren an net restauréieren, well et sech beim Gros vun deene verschidde-ne Gebaier éischter ëm Astandsetzungen handelt wéi ëm eng ganz intensiv Restauratioun vun engem Monument historique, an do sinn ech och vläicht scho mat engem Fouss am Projet de loi, dee mer an enger anerer Kommissioun virleien hunn, nämlech dee vun der Reform vum Denkmalschutz.

Ech denken, datt sech hei einfach grondsätzlech Problemer vun der Approche zum Denkmalschutz stellen. Mir hunn am Komplex vum aktuelle Lycée Vauban eent vun de Gebaier wat aus dem 19. Jorhonnert staamt, wat en aalt Klouschter ass, wann ech mech gutt erënneren, a wou ee sech wierklech d'Fro muss stellen: Musse mer dat Gebai net schützen a musse mer net dofir suergen, datt et erhalé gëtt? An dann, mengen ech, stellt sech aus eiser Optik eréischt déi zweet Fro: Wéi eng Fonctioun kënne mer deem Gebai da ginn, déi sech mat der Erhaltung an der Restauréierung vun deem Gebai verdréit? An dat ass vläicht dann och de Problem, deen den Här Bettendorf vir-drin ugeschwat huet.

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Et ass net ëmmer einfach fir Fonctiounen ze fannen, déi sech esou integréiere loossen, datt dat klappt. Heiansdo entstinn da Plazproblemer oder aner Problemer, mä ech mengen datt et awer wichteg wier, datt mer och zu Lëtzebuerg géifen zur Erkenntnis kommen, datt et net duergeet a Fassadismus ze maachen a Gebaier ze entkernen. Mir hu ganz vill Gebaier, wou dat mëttlerweil scho geschitt ass, wou mer just nach d'Fassaden hunn an oft sinn d'Fassaden esouguer nach eng Kéier mat Sandstrahl esou gutt ofgemaach ginn, datt déi wäertvoll Reliefer, déi eng Kéier do dra gemaach gi sinn, zum Deel scho fort sinn, esou datt et wierklech wichteg wier, datt mer hei eng nei Approche géife kréien. An ech kënnt mer virstellen, datt dat eent Gebai, vun deem ech elo grad geschwat hunn, sech do och géif ubieden, fir sech ze iwwerleeën: Ass dat en Zäitzeien? Musse mer do net e Schratt méi wäit goen, wéi wann dat en normaalt Gebai wier?

Bei deenen anere Gebaier ronderëm hunn ech mer effektiv d'Fro gestallt, ob deen Opwand, deen elo do bedriwwé gëtt fir Maueren a Plaffongen an ech weess net wat alles ze réckelen, fir déi Gebaier erëm kënne nei ze notzen, Sënn mécht, ob et Sënn mécht fir esou virzegoen oder ob een hätt kënne an eng aner Richtung goen a vläicht dann och méi rationell a méi funktionell bauen.

D'Regierung seet eis, datt dat hei géif Sënn maachen an och méi bëlle ginn a vläicht och méi schnell, wéi wa mer géifen nei bauen. Mir wäerten da gesinn, an d'Zukunft wäert eis weisen, ob dat wierklech de Fall ass.

En zweete Punkt, Här President, deen ech nach hei wollt emol erëm eng Kéier uschneiden, dat ass dee vum Energiekonzept. De Rapporteur, den Här Loes, huet vir-drin opgezielt wat alles vu positive Saachen hei geschitt. Ech wëll déi och net an Ofried stellen. En huet awer selwer och déi Diskussioun ugeschlidden, déi mer alt erëm eng Kéier an der Kommissioun haten iwwert d'Cogénératioun, an ech wëll awer nach eng Kéier insistéieren a soen, datt mir als Gréng net averstane si mat der Approche fir ze soen, datt ee bei engem Gebai, wat dann eben „nëmmen“ déi heiten Dimensioun huet, well et si jo awer ëm déi 400 Schülerinnen a

Schüler, déi hei an d'Schoul ginn, net kënnt eng Cogénératioun maachen, datt déi sech do net géif ren-teieren.

Dat ass eng Iddi, déi ëmmer nach an de Käpp vun deene verschid-dene Responsable schwieft. Mir mengen, datt een do wierklech endlech misst ëmdenken a sech bewosst ginn, datt am Ausland scho längst och bei ganz klengen Unitéiten, bei Eefamilljenhaiser esouguer mëttlerweil Cogéné-ratiounen gemaach ginn an datt een dat da sécherlech och hei kënnt maachen. An d'Argument fir ze soen, mir maachen datt elo nach net, mir maachen et méi spéit, ass eng geféierlech Léisung, well hei gëtt elo eng deier Gasheizung instal-liert an herno, wann een dann eng Kéier kënnt iergendwou u méi e grouse Komplex uschléissen, dann huet een déi Suen awer schonn eigentlech e bëssen an de Sand gesat, esou datt dat keen im-mens rationellt Virgoe wär.

Ech liesen dann am Projet de loi an ech zitieren lech dee Saz och, well ech mengen, datt en e bëssen d'Haltung vun der Regierung erëmgëtt an där Matière, wat se iwwert d'Photovoltaique gesot huet. Et gëtt effektiv eng Photovoltaique-Anlag installéiert an da steet hei: „L'installation photovoltaïque a été retenue pour répondre à la deman-de de prévoir une installation d'énergie renouvelable.“

Wann ech dat op Lëtzebuergesch iwwersetzen, dann heescht dat fir mech, jo, do si lauter Leit déi dat ëmmer erëm froen, da maache mer et alt. Fir mech ass dat net eng of-fensiv Politik vun neien Energiekon-zepter, déi ee kann an öffentlech Gebaier integréieren, an ech weess datt ech mech hei widder-huelen, mä ech ginn dee Kampf awer trotzdeem net op fir ze soen, datt mer méi global mussen un déi Problematik erугоen, an net ein-fach well et schéin ausgesäit a well et och nach vläicht de Schüler weist, datt ee kann aner Konzepter installéieren, dann e puer Photovolt-aique-Placken op den Dach setzt a sech dann d'Hänn an Onschold wäscht. Mir müssen do wierklech, Här President, e Schrëtt méi wäit goen.

Ech wollt dann op e leschte Punkt kommen, an dee geet vläicht iwwert d'Mauere vun deem Gebai, deem seng Renovatioun mer haut hei stëmmen, eraus. Dir hutt vläicht och selwer an der Press gelies, datt et an deem Gebai tèschent de Leit an der leschter Zäit zu Konflik-ter komm ass, an dofir sinn ech ganz frou, datt d'Madame Brasseur och bei der Diskussioun dobai ass. Et ass nämlech esou, datt mer jo hei eng Privatschoul hunn an datt, zënter datt mer déi Reform vun de Privatschoulen hunn, e Konflikt op-getaucht ass, oder e Konflikt sech zumindest zougespëtz huet, deen elo an e Streik gemündet huet, an dat kënnt ganz einfach dohier, well et an deem Gebai zwou Zorten Enseignanté gëtt, mä am Enner-scheed zu eisen öffentleche Schoule sinn et nach eng Kéier zwou aner Zorten. Et sinn en-gersäits franséisch Fonctionnaires, also franséisch soen ech well se vu Frankräich aus bezuelt ginn, an da ginn et nach sougenannten En-seignants locaux. Do gëtt et schonn eng enorm Differenz an de Salairen. Mä alleguerte verdénge se, wann ech gutt informéiert sinn, och nach eng Kéier manner wéi d'Lëtzebuurger Enseignanten an den öffentleche Schoulen, an do sinn natierlech elo Revendikatiou-ne komm, well déi Enveloppe bud-gétaire, déi d'Schoul kritt, duerch deen Accord an d'Luucht gaangen ass, an déi Enveloppe budgétaire schéngt awer net sech nidderze-schloen op de Gehälter vun den Enseignanten oder op alle Fall net op eng Aart a Weis, déi deene Leit géif Satisfaktioun ginn. An ech muss och soen, wann ech an der Zeitung liesen, datt do Enseignanté 1.500 Euro verdéngen, fannen ech dat effektiv net grad immens, mä ech ka mer virstellen, datt d'Ma-

dame Schoulministesch eis do wäert kënne méi Detailler driwwer ginn an och doriwwer, ob d'Regie-rung sech iwwerhaupt mat deem Problem wëllt befaassen, vu datt et jo eng Privatschoul ass, a wa jo, wéi se dat da méi genee wëllt ma-achen.

Voilà, Här President, dat gesot wëll ech den Accord vun eiser Frak-tioun zu deem heite Projet brén-gen.

M. le Président.- D'Wuert huet d'Madame Minister Brasseur.

Mme Anne Brasseur, Mi-nistre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports.- Merci, Här President. Ech wollt just kuerz op dat agoen, wat d'Madame Wagener elo grad évo-quéiert huet, well et handelt sech jo hei ëm e Bauprojet an do ass d'Madame Hennicot zoustänneg als Bauteminister. Ech sinn och frou, dass dee Projet den Accord op alle Banke fénn.

Wat d'Personal ubelaangt: Dat Per-sonal ass ofhängeg vun engem Conseil d'administration, an dee Conseil d'administratioun huet vun en Donneschdeg op e Freideg en Accord fonnt mat alle Parteien, dat heescht mat den Enseignanten a mat den Elteren, sou dass dee Konflikt bäigeluecht ass an dass et net zu engem Streik komm ass, e Streik, deen d'Enseignanté wollten e Méindeg untrieden, dee se nun awer net ugetruede sinn, well do e Kompromëss fonnt ginn ass. Ech si ganz frou, dass de Conseil d'admin-istration dat konnt erreechen, sou dass dee Problem schoulintern konnt bäigeluecht ginn.

Merci, Här President.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Bauteministesch, d'Ma-dame Erna Hennicot-Schoepges.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.- Här President, Dir Dam-men an Dir Hären, ech soen alle Riedner merci fir déi konstruktiv In-terventiounen zu dësem Projet. Ech si frou, wa mer hei eng Unanimitéit kréien.

Et ass eigentlech esou, datt eng minimal Interventioun fir de Lycée Vauban scho virgesi war am Joer 2000. Well een dann awer dem Wonsch vun de Bedreier vun der Schoul, fir d'Restauratioun och nach derbäi ze setzen, nokomm ass, huet dat eis iwwert dee Mont-ant, fir dee mer e Projet de loi brauchen, gefouert. Fir dës Schoul a würdeg Gebaier kënnen ze trans-plantéieren a fir aus der Rue Sax - deem Site, op deem se elo sinn - an aus deene Containeren eraus-zekommen, déi net méi grad ganz gutt ausgesinn, huet et dëse Projet de loi gebraucht. Domat geet e Provisoire, dee 35 Joer laang ge-dauert huet, op en Enn.

Dat gesot, ass fir d'Interventioun bei Privatschoulen eng gesetzlech Klärung komm duerch de Projet, deen dës Regierung abruecht huet, an deen definitiv der Regie-rung d'Méiglechkeet gëtt bei Pri-vatschoulen ze intervenéieren.

Här President, ech muss do vläicht op déi subtil Differenz, déi den Här Scheuer a sengem Debattebeitrag gemaach huet, agoen, wann e seet, engersäits gëtt et Schoulen, déi Alternative sinn, an anerersäits gëtt et Privatschoulen, déi onnët-zerweis bestinn. Wann ech dat richtig interpretéieren an ëmdréi-nen, da géif ech jo unhuelen, datt den Här Scheuer géif fuerderen, datt d'Privatschoulgesetz, wat de Fonctionnement vun deene Privat-schoule regelt, wat den Här Boden 1982 abruecht huet, wou mer och mat der DP an enger Koalitioun wa-ren, misst ëmgeännert ginn, well ganz sécher géifen déi kathou-lesch Privatschoulen net méi wéi

drop sprange fir och en alternative Modell ze presentéieren.

Mir hunn dat deemools net ge-maach aus der Suerg ëm d'Unitéit vun der Lëtzebuurger Schoul. Wann do en Émdenke bei der LSAP komm ass, da wiere mer na-tierlech frou fir dat gewuer ze ginn, well ech denken, datt mer do och zu Konklusione kéimen.

Et ass net fir d'éischt, datt a Privat-schoulen investéiert gëtt. De Minis-ter Goebbels huet fir insgesamt 1 Milliard a Privatschoulen inves-téiert, wann een all seng grouss Projeten, International School, Geesseknäppchen an American School zesummerechent, mol net vun der Europaschoul geschwat. Mir maachen also hei Standuert-politik, wéi zu Recht gesot ginn ass an der Debatt.

Et ass och esou, datt mer mat dë-sem Projet vum Bauteministère hier kënnten Enn 2004 ufänken, well mir wiere prett mat eise Plangen, mä et ass nun awer emol esou, datt awer bei dem Plan pluriannuel eng Streckung komm ass vu verschid-dene Projeten. Wann d'finanziell Si-tuatioun sech sollt fir dat nächst Budgetsjoer verbesseren, da steet näischt am Wee, datt mer mat dë-sem Projet och éischter ukomme kéinten.

Wat den Accès ugeet, deen hei op-geworf ginn ass, do ass virgesinn, datt fir d'Foussgänger e separaten Accès kënnt, deen net mat den Au-toen a Kontakt kënnt, datt d'Schü-ler duerch een Haff eraginn an d'Schoul an domadden am Fong geholl déi Fro, déi den Här Henckes hei gestallt huet, beänt-wert ass. Et ass een Accès séparé fir Busse virgesinn a 46 Stationne-mentsplaze fir Enseignanten. Et ass evident, datt natierlech de Lampertsbiere als Site, wou vill Schoule beienee sinn, wat d'Ver-kéiersproblematik ugeet, net kon-fliktrai ass, an ech denken, datt mer do mat der Stad Lëtzebuerg, wat spéider Projeten ugeet, eng Kéier eng Revisioun misste vum jëtzege System maachen.

Wat dann d'Diskussioun ugeet, Restauratioun oder Neibau, do wëllt ech dozou bäiflécken, datt an dësem Sënn déi heiten Aarbechten net déi vun enger eigentlecher Restauratioun am Sënn vum Den-kmalschutz sinn. Dëst Gebai huet zwar e gewësse Cachet an ass och erhalenswäert. Et ass a senger Struktur awer nach ze vill gutt fir of-gerappt ze ginn.

Leschtens Enns sollte mer eis bei deenen doten Iwwerleeungen d'Fro vum Bauschutt stellen, well wa mer ofrappen, da fält Bauschutt un, an och déi Iwwerleeung spillt ganz sécher bei de Berechnunge vun der Administratioun vun de Bâ-timents publics mat. Hei ass mer gesot ginn, datt d'Struktur vun deem Gebai gutt genuch ass, fir datt mer do, wou eng Schoul war, erëm eng Schoul kënne dra set-zen, an datt mer dofir och op de Wee gaange si fir déi bestehend Gebaier a Stand ze setzen.

Wat d'Diskussioun Energie a Cogé-nératioun ugeet, do sinn ech grad esou hartnäckeg wéi d'Madame Wagener, an ech bleiwe bei men-ger Ausso, datt d'Cogénératioun vläicht net déi allerleschten an al-lerneisten Technologie ass, wa se net iwwer ee gréissere Raum erausgeet. Et ass net esou, datt de Bauteministère sech verschléisst, mä et ass esou, datt de Bautemi-nistère sech wäert au courant ha-len, wat déi beschten an déi neis-ten Technologie sinn dee Moment wou déi Infrastrukturen ufalen. An da géif ech awer och ze bedenke ginn, datt leschten Enns d'Investi-tioun an d'Photovoltaique fir jidder-eeen e Gewënn ass, datt et dofir net nëmmen eng Pflichtübung ass, mä datt et jo awer och reell zu enger Energieproduktioun iwwert deen dote Wee féiert. Déi notzt schluss-endlech jiddferengem, wa mer wë-len zesummestoe fir d'Kritäre vu Kyoto ze erfüllen.

Dat gesot, Här President, soen ech dem Rapporteur an der Kommis-sioun merci fir déi gutt a schnell Aarbecht. Ech soe weider all dee-ne merci, déi dëse Projet stëmmen.

M. le Président.- D'Diskus-sioun ass ofgeschloss a mir kom-men zur Lecture vun den Artikel-e vum Projet de loi 5207 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 4 si gelies an uge-holl.

Mir kommen zum Vote iwwert dee virleiende Gesetzesprojet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmmen mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalé sech.

De Projet de loi 5207 ass eestëm-meg mat 59 Jo-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Jo-sée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hau-pert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick San-ter, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Betten-dorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Hel-minger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Marc Zanussi), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par M. Alex Bodry), Lucien Lux (par M. Jos Scheuer), Mme Ly-dia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par Mme Mady Delvaux-Stehres) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibé-ryen (par M. Robert Mehlen), Fer-nand Greisen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gi-ra, Jean Huss, Mmes Dagmar Reu-ter-Angelsberg et Renée Wagener.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass esou decidéiert.

Mer kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 5209 iwwert d'Ver-gréisserung vun Lycée technique zu Esch. Et si schonn ageschriw-en: d'Madame Stein, d'Madame Mutsch, d'Häre Schummer, Grei-sen an Huss. D'Wuert huet de Rap-porteur vum Projet de loi, den ho-norabelen Här Fred Sunnen.

(Interruption)

3. 5209 - Projet de loi relatif à l'agrandisse-ment et au réaménagement du Lycée technique de Lallange à Esch-sur-Alzette

Rapport de la Commission des Travaux publics

M. Fred Sunnen (CSV), rap-porteur.- Dee Projet, deen op Did-deleng kënnt, ass eriiwwer, Här Bo-dry, ech schwätzen elo vun deem Escher.

Här President, de Projet iwwert den Ausbau an den Aménagement vum Lallenger Lycée ass den 11. Sep-tember 2003 vun der Madame Bauteministesch an dësem Haus déposéiert ginn. De Statsrot huet säin Avis den 23. September ge-maach an de 16. Oktober huet d'Bautekommissioun de Rappor-

teur designéiert an den Avis vum Statsrot ënnert d'Lupp geholl. De schréffleche Rapport ass an der Kommissiounssëtzung vum 25. November ugehall ginn.

De Projet gesäit vir de Lycée technique vu Lalleng ze vergrësseren an ze réaménagéieren. Et handelt sech hei ëm déi fréier Annexe zu Lalleng vum Lycée technique Esch-Uelzecht, wou haut de Lycée technique vu Lalleng dran ass, deem als zweeten technesche Lycée vun Esch fungéiert an deem seng gesetzlech Basis den 28. Oktober 2002 gestëmmt gouf. D'Vergrësserung vun de Gebailechkeete justifizéiert sech aus zwee Grënn: Zum enge gëllt et sech der demographescher Evolutioun unzepassen, déi sech an der Escher Regioun vollzunn huet, zum anere geet et drëm fir eng qualitativ Opwäertung vun de Gebailechkeeten esouwéi vun den Équipements an d'Aen ze faasse fir mat den heitegen Ufuerderunge Schrëtt ze halen.

Ech wëllt am Kontext vum virleien-de Projet e puer Zuelen eraushuelen, déi de bevölkerungstechnesche Kontext am Süde vun eisem Land belichten. Zënter der Rentrée 1992-1993 huet d'Zuel vun de Schüler generell, also 1991-1992, ganz vill zougehall. Deemools waren et der 19.654, an zéng Joer méi spéit, 2001-2002, 32.058. Déi Zuele schwätze fir sech. Fir d'Entwécklung an de kommende Joren ze definéieren an am A ze behalen, muss een och emol d'Gebuerte kucken. Am Joer 1977 waren et der 4.053, 1990 4.936 an am Joer 2000 5.721.

En aneren Indicateur, deem a Betruecht gezu muss ginn, sinn déi Schüler, déi hiert éischt Joer am Postprimaire ufänken. Dat waren 1998 nach 4.104 Kanner, am Joer 2002 sinn et der 4.936, an d'Estimatioun fir d'Joer 2013 läit bei 5.434 Schüler. Als leschte wichtige Chiffer wëllt ech op d'Evolutioun vum Taux de scolarité zréckkommen, deem och an de leschte Jore rasant an d'Luucht gaangen ass. De Prozentsatz vun deene Jonken tëschent zwielef an zwanzeg, déi am Postprimaire sinn, louch 1990 bei 50%, bis 1997 ass deen Taux op 62% eropgeklommen. Wann een also vergläicht d'Joren 2003 par rapport zu 1997, dann ass dat e Wuesstumstaux vun 11,3%; am Joer 2007 gëtt gerechent, dass deen Taux 23,7% ass, a schlussendlech 2010 31,6% vis-à-vis vun 1997 méi héich.

Au vu vun dese Chiffere gesäit ee ganz gutt, dass dat Gebai vu Lalleng an deene leschte Joren déi gefuerdert Capacitéiten net méi konnt opbréngen. Am Schouljoer 1988-1989 zum Beispill gouf et do 745 Schüler an 42 Klassen, 2000-2001 waren et der schonn 1.240 a 60 Klassen. Haut, fir d'Schouljoer 2003-2004, huet de Lycée technique vu Lalleng ongeféier 1.000 Schüler. Wann een emol d'Kanner vun der Gemeng Esch kuckt, déi d'sechst Schouljoer passéiert hunn, dat waren der 2003 - elo dëst Joer - 1.022. D'Zuel vun darselwechter Gemeng am Joer 2007 klëmmt op 1.258, an 2009 sinn et der 1.136. Ervrihiewe muss een och, dass den Enseignement technique am Allgemenge 60% vun alle Schüler beherbergt. Et ass domadder kloer, dass mer fir d'Joer 2004 an och fir déi kommend Jore mat engem Wuesstum vun de Schüler an den ënneschte Klasse rechne mussen. Am Schouljoer 2002-2003 hat de Lallenger Lycée 48 Klassen. Fir elo vun engem eenegermoossen exakten Zuelematerial kënnen auszegoen, muss ee mat engem Wuesstum vu 25% vun de Schüler bis d'Joer 2010 rechnen.

Doriwwer eraus spillt och e Gesetz, an zwar dat vum 28. Oktober 2002, wat ech scho genannt hunn a wat dee Lallenger Lycée an d'Liewe geruff huet, wat a sengem Artikel 2 virgesäit, dass de Régime préparatoire mat an de Lycée integréiert gëtt. Et kann een also rechnen,

dass d'Klassenzuel bis d'Joer 2010 op 78 uwiisst. Dat ass och eng Limite, déi am sektorielle Plang iwwert d'Lycée festgesat ass. D'Determinatioun vun de Besoine baséiert awer och op neien Horairen a Programmen, déi am Moment ausprobéiert ginn als Projet pilote an déi enger 26-Stonne-Woch ënnerleien. D'Reform vum Cycle inférieure gesäit zum Beispill méi eng flexibel Organisatioun vir, zum Beispill Workshopen an de Sozialen an den Naturwëssenschaften, an der Physik, an der Chemie, an dorausere entsteet e supplémentaire Besoin u Säll, deem am Projet berücksichtegt muss ginn.

Tatsaach ass och, dass sech eis Wirtschaft an de leschte Jore grondlegend geännert huet: Vun enger Economie, déi sech an der Haaptsaach op den Industriesecteur baséiert huet, ass et higangeng zu enger Dénagschtleeschungswirtschaft, déi och hiren Afloss op eisen technesche Sekundarunterricht huet. Ech denken do virun allem un d'Entwécklung am Commerce, mä och un d'Formatioun, déi op de Bac de technicien préparéiert, déi sech an de leschte Joren enger grousser Beléiftheet erfreet huet. An och den Duerchbroch vun de Kommunikatiouns- an Informatiounstechnologien erfuerdert haut eng entspreichend Ausbildung, déi virun allem am techneschen Unterrecht assuréiert gëtt.

D'Schüler, déi den techneschen Enseignement besichen, hunn doriwwer eraus verschidde Capacitéiten, déi et gëllt ze sondéieren an duerch eng adequat technesch Ausbildung ze perfektionéieren. D'Schoul, esou wéi se sech haut presentéiert, ass net nëmmen eng grouss Institutioun, déi ausschliesslech Wësse vermëttelt, si ass haut vill méi e Liewensraum, eng Plaz wou zwëschemenschlech Relatiounen eng wichteg Roll bei der gesamter Formatioun a beim Erausschleie vun der Perséinlechkeet vum eenzelne Schüler spillen. Och dësem Aspekt mussen eis Schoule Rechnung droen andeems se Strukture schafen, déi d'Kanner tëschent de Stonnen opfänken an encadréieren. Dat sinn alles Prämissen, déi dësem Projet zugrond leien.

An de Konstruktionsplang dréit dese Prämissen zu engem groussen Deel och Rechnung. Esou sinn néng nei Klassesäll fir eng 26-Stonne-Woch virgesinn, zwee nei Geschichtssäll, e Geographiessall, zwee Säll fir Chemie a Physik, dräi Unitéite fir de Sportsunterricht a siwe Bureautique- respektiv Informatikssäll, ee Bureau modèle esouwéi fënnf polyvalent Atelieren. D'Formation continue vun den Enseignantë verlaangt doriwwer eraus en Auditoire, dee Formatiounen, Séminairen an aner para- a périscolaire Aktivitéiten zouléist. Well sech dat spezifesch Material, didaktesch aus de 70er Joren, net méi haut esou einfach asetze léisst a sech an engem schlechten Zoustand befënnt, ass de Moment komm fir dëst ze ersetzen an ze erneieren.

Wat den Ofplaf vun den Aarbechten an dësem Lycée betrëfft, esou ass unzemerken, dass iwwergangswies 27 Klassen op d'Victor-Hugo-Plaz komme sollen an 22 aner Klassen an d'Annexe ARBED Schëffleng, während den Émbauaarbechten. D'Annexe vun ARBED Schëffleng muss nach just zwee Bureaux-modèle, dräi Klassesäll an och dräi Informatikssäll méi kréien. Leider kënnen d'Aarbechten am Joer 2004 net ufänken, well de Lycée technique Esch net, wéi virgesinn, am Hierscht 2004 plënnere kann, also ass d'Victor-Hugo-Plaz net fräi. D'Aarbechte kënnen da fréistens 2005 ufänken.

Well an enger Riedezäit net genuch Zäit ass fir architektoneschen, urbanisteschen, funktionellen an technesch Aspekter ganz genee ënnert d'Lupp ze huelen, verweisen ech op de schréffleche Rapport, dee méi ausféierlech ass. Wat de Käschtepunkt vun dësem Projet

ubelaangt, esou läit e bei 98 Milliounen Euro, nom Bauindex vum 1. Oktober 2002. D'Käschte lafen iwwert de Fonds d'investissements publics scolaires. Den Total vun den Exploitationssäschten an de järeleche Provisiounen beleef sech op ronn 3,9 Milliounen Euro, wougeint sech déi järelech Ennerhaltungssäschten op ronn 2,8 Milliounen Euro belafen.

Ech wëllt awer nach op déi Punkten zum Projet agoen, déi an der Kommissioun zur Sprooch komm sinn. D'Kommissiounsmemberen hunn als éischte Punkt d'Fro opgeworfen, ob et net besser gewiescht wär, fir de ganze Lycée ofzerappen a fir en neie Lycée opzebauen, an dat ëmsou méi, well d'Käschte vun dësem Projet net onerhiefléch sinn. Laut den Aussoe vun den Experte vum Bauministère wär et awer net ze justifiéieren, fir dat existent Gebai ofzerappen, och wa sech Deeler dovunner an engem schlechten Zoustand befannen.

D'Käschten decken net nëmmen d'Renovéierung vun de Gebailechkeeten, mä och déi nei Infrastrukturen of, déi ech uewen zitéiert hunn. Aus dem Exposé des motifs geet doriwwer eraus ervir, dass sech verschidde méi substanzuell Émbauaarbechten um architektoneschen Plang imposéieren fir de Lycée méi harmonesch an de Quartier ze integréieren. D'Kommissioun hat och ugefrot fir Informatiounen ze kréien zum Konstruktionspräis pro Meter Kipp, fir ze évitéieren, dass d'Gesamtkäschte fir d'Konstruktionsduerch de Volume bäi dividéiert ginn, wat zu falsche Präisser féieren dierft.

Zu der Kantinn gouf preziséiert, dass se zwee Servicer fir 250 Schüler assuréiert. Et gëtt och dovunner ausgegangen, dass jo net all d'Schüler an d'Cafeteria oder an d'Kantinn kommen, mä datt och eng Partie heemfueren. Verschidde Membere vun der Kommissioun waren net d'accord, well gemengt ginn ass, d'Professere géifen an engem getrennten lesssall iessen, ouni bei de Schüler ze sinn. Et ass awer net esou. Ech hunn dat nogefrot, si sinn am selwechte Sall, si sëtze vläicht e bëssen à part, mä et ass deeselwechten lesssall.

Wat elo d'Desserte vum Lallenger Quartier duerch déi nei Eisebunn, déi gebaut soll ginn, Esch-Lëtzebuerg, ubelaangt, esou ass preziséiert ginn, dass dës Streck net zu Lalleng duerchgeet an och net do den Zuch hale bleift.

Op d'Fro no der Méiglechkeet fir Energie ze spueren, gouf de Membere vun der Kommissioun matgedeelt, dass dëst bei enger Renovatioun net an deem Mooss realiséiert ka gi wéi dat bei engem ganz neie Gebai de Fall wär.

Beim Ausschaffe vum Projet ass d'Standardisatioun fir Schoulgebaier zum gréissten Deel respektéiert ginn. D'Bauverwaltung huet awer duerchblécke gelooss, dass si och gewëllt ass d'Wësch vun der Direktioun an de Proffe mat eranzehuelen. An hei erënnere ech un e grouss Wonsch vun der Direktioun, déi x-mol elo erlieft huet - an den Här Haupt an ech kënnen dat bezeien - an deene leschte Jorjénge, dass ganz oft an dësem Lycée agebrach ginn ass, well e besonnesch no hannen net an der Agglomeratioun läit a well et einfach ass fir do anzubriechen. Virun dräi Méint ass beispillsweis e ganzen Informatikssall mat 25 Computere geraumt ginn. Dofir ass de Wonsch vun der Direktioun fir wierklech eng Sécherheet ze kréie beim Neibau, dass dat do net méi esou einfach ka virkommen.

De Statsrot fir säin Deel huet sech gefrot ob déi Distinction, déi engersäits tëschent Käschte fir speziell Équipementer an anerersäits de Gesamtkäschte vum Projet,

muss oprechterhale bliewen. Dës Observatioun ass d'Kommissioun nokomm andeems se d'Motioun vun den Équipements spéciaux aus dem Gesetz gestrach huet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt mat de Wieder vum Statsrot zu dësem Projet schléissen, deem a sengem Avis Folgendes gesot huet: „De Projet ass virbildlech an de Kontext vun der Revalorisatioun vun de Frichen op Esch/Belval integréiert. An dat dréit dozou bei, dass d'Regioun en neie wirtschaftlechen Dynamismus kritt.“ Well deem näischt bäizefügen ass, schléissen ech meng Intervioun a soen lech merci fir d'Opmierksamkeet.

M. le Président. - Als éischt Diskussionsriednerin ass d'Madame Nelly Stein agedroen. D'Wuert huet d'Madame Stein.

Discussion générale

Mme Nelly Stein (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll net op all Einzelheete vum Gesetzestext agoen, dat huet de Rapporteur a sengem schréfflechen a mündleche Rapport ganz detailléiert gemaach, an ech soen him och merci dofir. Ech soen och merci dem Här Strotz, dem President vun der Bautekommissioun, dass hie mech als Net-Member vun der Kommissioun dach zu dësem Projet schwätze léisst.

(Interruptions)

Jo, Här Scheuer, merci fir d'Kompliment.

Den Här Strotz weess, dass de Lycée technique vun Esch mir ganz besonnesch um Häerz läit, well schlusslech hunn ech jo selwer do 24 Joer Schoul gehalen. Et war eng laang Zäit. Ech wëll awer soen, dass et eng schéin Zäit war an datt ech mech ganz gär dorunner erënnere.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

Och fir d'Schüler, Här Mehlen! Och fir d'Schüler! Dat kann ech ëmmer erëm feststellen.

Här President, wann ech iergendwou bei enger Geleeënheet sinn, wou Leit zesumme sinn, da kënnt spontan e jonke Mënsch op mech duer an e seet: „Ech war bei lech an der Schoul.“

(Interruption)

Den Här Jaerling ass vill ze vill jonk dofir, dass hie bei mir an der Schoul konnt sinn.

(Hilarité)

Da soen d'Schüler mir: „Ech war bei lech an der Schoul.“ Da muss ech scho soen, dass ass awer flott, wann e Schüler dat nach soe kënnt. Natierlech entsteet e Gespräch. Da muss ech soen, da freeën ech mech all Kéiers mat deem jonke Mënsch, dass eppes aus em ginn ass an datt ech en Deel dozou bäigedroen hunn.

(Interruptions)

Dem Här Scheuer geet et d'selwecht a jiddfer Enseignant geet et d'selwecht. Ech fannen, dass sinn déi schéinste Momenter, déi et am Liewe gëtt.

Här President, och wann dat Gebai haut eng ganz Rei Mängel opweist, sou wëll ech dach drun erënnere, dass mir deemools, also bei der Schoulreentrée 1979-1980, ganz frou waren an dat Gebai ze goen. Et muss ee jo wëssen - den Här Haupt gëtt mir Recht, hie war jo och do Direkter -, dass an de 70er Joren d'Schülerzuel explosiounsaarteg an d'Luucht gaangen ass, wat mat sech bruecht huet, dass d'Victor-Hugo-Gebai hoffnungslos iwwerfëllt war. Et gouf net ee Raum an der Schoul, esouguer net am Keller, deem net vun där enger oder anerer Klass huet misse stonneweis beluecht ginn. Fir dass de Schoulbetrib iwwerhaapt funktionéiere konnt, sinn d'Klasse souze-soen op Schichte komm.

Et war net selbstverständlech, dass all Klasse e fräien Dënschdeg- oder Donneschdegmëtteg hat, dass eng Klasse en eegene Klassesall hat. Dovunner konnt een nëmmen dreeën. Dofir ka jo och elo jiddferee ganz gutt verstoen, dass et eng grouss Erlichterung war, wéi all Klasse vu 7ième bis 9ième fir d'Schoulreentrée 1979-1980 zu Lalleng konnten anzéien. Och wann d'Gebai reng funktionell war an net vill Wäert op dat Ästhetescht geuecht gouf, och wann et vun Ufank u Schwieregkeete mat dem flaachen Daach gouf, och wann déi rout Fassad permanent Booboos hat, sou muss ech dach soen, dass mir all, an zwar d'Direktioun, d'Schüler an d'Proffen, dat Gebai appréciéiert hunn.

Et war net nëmmen alles nei. Net nëmmen all Klasse hat hiren eegene Sall. Mir haten net nëmmen eng Schwämm an eng Kantinn, a punkto didaktescht Material ware mir net nëmme gutt équipéiert, mä hei muss ech soen, ware mir wierklech eiser Zäit virus mat der Multimediaariichtung. An all Sall war eng Televisioun an e Schaf an deem en Diaprojekter, e Filmprojektor - fir Super-8-Filmer natierlech an där Zäit - an en Overhead stoungen.

Wéi avantgardistescho munches an där deemoleger Annexe an am jëtzege Lycée technique vu Lalleng war, beweist de Microenseignementssall, deem och nach am neie Projet bäibehale gëtt. Dese Sall leescht grouss Dénagschter an der praktescher Formatioun vun den zukünftege Proffen. De Stagiaire hält säi Cours während ongeféier zéng Minutte virun där enger Halschent vun der Klass, an uschlëssend huet en an enger Réunion mat der Direktioun a mat dem Patron de stage d'Geleeënheet sech selwer ze gesinn a feststellen, wat geklappt a manner gutt geklappt huet. Da gëtt eng Analys gemaach an de Stagiaire kritt Recommendationen fir deeselwechte Programm, deem e mat där enger Halschent vun der Klass gemaach huet, elo mat där anerer ze maachen, wou dann och uschlëssend erëm eng Analys, eng Diskussioun an eng Berodung stattfënnt.

De Laboratoire de langues zu Lalleng, deemools als wäertvollt didaktescht Mëttel ugesinn, huet leider net deen Erfolleg bruecht, dee jiddfereen erhofft hat, fir net ze soen, e gouf praktesch net gebraucht, well d'Programmer net fir de Sproochelabo adaptéiert waren. Haut ass de Labo duerch en Informatikssall ersat.

Mat der Renovéierung elo, mat dësem Projet, gëtt an all Sall den Internetzuschloss geluecht. Dat erlaabt dem Schüler während der Schoulstonn, direkt op Internet nozekucken, wat e brauch fir sech ze dokumentéieren. Domadder ass och d'Roll vum Enseignant net ofgeschaaft oder manner grouss, ganz am Géigendeel, den Enseignant gëtt eng Aart Coach, deem net méi fäerdeg Rezepten liwwert, mä deem dem Schüler op sengem Wee hëlleft. De Lallenger Lycée gëtt a punkto Équipement op de leschte Stand gesat. Ech mengen, jiddereen heibannen ass sech bewosst, dass eng performant Ausbildung, virun allem op modernen Apparaturen a mat deenen neien Technologien, geschéie soll a muss; an dat huet nun emol säi Präis.

Et ass méiglech, dass den Investissement fir d'Équipement an d'Spezialéquipementer deem engen oder deem anere relativ héich schéngt. Dozou wëll ech awer soen, dass an de leschte Joren, an dat am Hibleck op dës Renovatioun an dës Vergrësserung vun der Schoul, net esou vill an dat Gebai investéiert gouf, wéi dat soss de Fall gewiescht wär.

De Schoulhaff war an ass zu alle Säiten op, well an de 70er Joren huet et nämlech geheescht, d'Schoule mischten op sinn. Déi al Schoulen haten an hunn haut och nach zum Deel ronderëm Mauere

mat engem Gelänner. No der Mee-
nung vun Experten - do gesi mer
och, wéi Experten oft eng gutt Iddi
hunn a sech dann och ieren, dat
ass also mënschlech - war dat net
gutt, dat géif un e Prisong erënne-
ren an d’Kanner géife sech
agéenkt fillen. Also ass zu Lalleng
e risegrouse Schoulhaff ugeluecht
ginn. Et huet mol keng 15 Joer ge-
dauert, bis jidderee wousst, datt
esou eng grouss Fläch an zu alle
Säiten op méi Nodeeler wéi Virdee-
ler géif mat sech bréngen.

D’Experten haten also net a konn-
ten och sécher net virusgesinn,
wéi eis Gesellschaft an d’Mentali-
téit vun eise Schüler géif änneren.
En Haff, deen op ass, favoriséiert
den Zougang an de Kontakt mat
Friemen - Friemer, déi guer näischt
am Schoulhaff verluer hunn. D’Sur-
veillance ass doduerjer och net
méi garantéiert an eis Schüler sinn
net méi genügend geschützt.

Dofir sinn ech frou, Här President,
Dir Dammen an Dir Hären, datt am
neie Projet de Schoulhaff no hanne
verluecht gëtt - a wat flott ass an
d’Gréngs - an datt kee Frieme méi
Zougang an de Schoulhaff huet.

Iwwert d’Kantinn brauch ech net
vill ze soen, de Rapporteur ass och
schonn drop agaangen. Wéi mir do
agezu sinn, do war se rächlech
grouss, mä am Laf vun de Joren
hunn ëmmer méi Schüler Ge-
brauch dervu gemaach, bedéngt
duerch de Changement vum Ze-
summeliewen an eise Familljen. Bis
elo gouf d’lessen aus dem Lycée
Hubert Clement geliiwert, mä mat
deem neie Projet gëtt aus der Kan-
tinn en echte Restaurant scolaire,
wou d’Kanner och nach nom lesse
kënnen bleiwen, wa se wëllen.

Fir de Moment leeft d’Kantinn mat
zwee Servicer, well och vum Sep-
tember u fonctionnéiert d’Schoul
ausschliesslech mat Horaire amé-
nagé: wat d’steigend Zuel vu Schü-
ler bedéngt, an dat ass net ganz
gënschteg. Deen ee Service geet
um zwielef Auer un, dat ass fir déi
méi Kleng, an deen anere Service
geet um eng Auer un. Dat ass net
flott fir d’Schüler, déi hu vun aacht
bis eng Auer riichtduerch Schoul,
da gi se lessen an dann hu se nach
eng Stonn Schoul - also net opti-
mal. Dofir mat deem neie Restau-
rant scolaire brauch nëmmen ee
Service um zwielef Auer ze fonc-
tionnéieren.

Ob e Restaurant à part muss si fir
d’Enseignanten? De Rapporteur
huet elo gesot, dat géif et net ginn,
mä ech muss soen, ech selwer hu
jo munchmol do giess an ech hu
fonnt, dass dat eng flott Geleeën-
heet war, fir aneschtens Kontakt
mat eise Schüler ze kréien. Mä dat
sinn natierlech bal 15 Joer hier an
an där Zäit hunn och eis Schüler a
punkto Disziplin sécher geännert.

E ganz wichtege Punkt ass, datt
mat deem neie Projet 140 Parkpla-
ze geschaf ginn - e Problem, dee
jiddferen, dee Verantwortung
huet, ganz gutt kennt - an déi Park-
plaze komme ganz no bei d’Entrée
vun der Schoul an domadder gi vill
Problemer a vill Onannehmlech-
keete geléist. Bis elo hunn d’Prof-
fen nämlech oft d’Gebai misse
wiesselen an da war ëmmer déi lei-
deg Fro vum Parken. Mä elo, wou
et een eegestännegt Gebai ass,
brauch net méi d’Gebai gewiesselt
ze ginn, mä et bleift awer, datt vill
Va-et-vient do ass. An der Nout
huet jiddereen, a mécht et och
nach haut esou, an der Eugène-
Reichling-Strooss geparkt. Et ass
kloer, dass d’Awunner aus dëser
Strooss net frou doriwwer sinn an
eigentlech waren des Leit ni frou
mat eis. Et pour cause, well si ha-
ten nämlech an enger roueger
Strooss, an enger Sakgaass, ge-
baut. A wat haten se? Si haten Tra-
fic an d’Parke wéi op engem Bou-
levard an et gouf vu Joer zu Joer
schlëmmer.

Mir gesinn, Dir Dammen an Dir Hä-
ren, nom Site Victor Hugo, deen ze
kleng gi war, huet datselwecht
Lous de Site Lalleng getraff, an
deem och ëmmer méi Klasse bäi-
kommen. An déi demographesch

Entwécklung weist, wéi dat am Ex-
posé des motifs steet, ganz kloer
an eng Richtung: d’Schülerzuelen
am Primaire zu Esch, a vun deene
Gemenge ronderëm Esch, ginn
nach permanent an d’Luucht.

Well een awer weess, datt Lalleng
ursprénglech geduecht war fir de
Cycle inférieur -an dofir si jo och
hei d’Ateliere vill ze vill kleng, well
si waren nëmme geduecht fir d’Op-
tionsfächer op dese Klassen - a
sech och erausgestallt huet, datt
deen een oder deen anere Schüler
vun 9iëme, deen elo de Grousse
war, sech virkomm ass wéi e King,
deen déi méi Kleng d’Fäerte ge-
léiert huet an dat besonnesch um
Schoulhaff, ass aus psycholo-
gesche Grënn ugefaange ginn de
Paramédical an de Commerce aus
dem Victor Hugo erof op Lalleng ze
huelen a progressiv ass de Cycle
moyen, d’10iëme an 11iëme para-
médicale a Commerce agebaut
ginn; schliesslech ass de Com-
merce an d’Vente zu Lalleng bliw-
en.

Här President, och wann déi zwou
Schoulen elo definitiv getrennt
sinn, ass et dach wëschenswäert,
wann net esouguer erfuerdert, datt
se weiderhin zesummeschaffen, an
dat am Intérêt vu jidderengem. Dat
wäert och keng Schwieregkeet
sinn, well schliesslech goufen nëm-
men d’Gebaier getrennt an d’Kol-
leegialitéit bleift sécher bestoen.
Souwisou stellt Lalleng nach
d’Sportsinfrastruktur zur Verfügung
fir ze depannéieren, well den Turn-
sall vum Lycée technique op der
Victor-Hugo-Plaz ass ausgelaascht
bis déi lescht Minutt. Dësen Dé-
pannage tèschent de Gebaier geet
duerno nach eng Rei Jore weider.

Während den Aarbechten zu Lal-
leng stellt Rämerech, dat heescht
do wou den neie Lycée technique
Esch kennt, d’Sportinfrastruktur zur
Verfügung. Fir datt déi Rechnung
opgeet, muss Rämerech fäerdeg
sinn. D’Bauteministerin, d’Madame
Hennicot an hir Leit, hunn en Ti-
ming opgestallt an no deem Plang
wäert Rämerech fir d’Rentrée 2004
bezeibar. Et schéngt awer, wéi
wann et do Schwieregkeete géife
ginn. Ech weess net, vläicht hânt
dat och zesumme mat dem Brand,
dee mol virun engem Joer oder vir-
un engem hallwe Joer am Réibau
entstane war.

■ **M. Aly Jaerling (ADR).**-
Deen ass geläscht.

■ **Mme Nelly Stein (CSV).**- Jo,
deen ass geläscht, Här Jaerling,
mä mir wëssen awer, dass dat sé-
cher Konsequenzen op den Timing
huet. Rämerech misst also theore-
tesch fir de Juli 2004 fäerdeg sinn.
A wann alles klappt, géif da wäh-
rend der grousser Vakanz - wann et
net 2004 ass, dann ass et sécher
2005 - geplënnert ginn, well wäh-
rend der Schoulzäit ass déi ganz
Plënnearbecht net méiglech, well
da mussen jo d’Klassen aus dem
Victor Hugo an d’Elektrikerklassen,
déi de Moment nach am Gebai vun
der ARBED-Schëffleng sëtzen, op
Rämerech. An zweetens mussen
d’Klasse vu Lalleng an de Victor
Hugo an op ARBED-Schëffleng. An
duerno eréischt kann de Chantier
zu Lalleng ugefaange ginn an och
duerchgezu ginn.

Et kann ee sech d’Fro stellen, ob et
net méi gënschteg gewiescht wär,
etappeweis ze schaffen. Ech men-
gen awer, déi Solutioun, déi getraff
ginn ass, ass sécher déi besch am
Intérêt vum Schoulbetrib. Wa Lal-
leng nämlech a verschiddene Pha-
se géif duerchgezu ginn, kéime
mer an d’Situatioun, datt Schüler,
déi op 7iëme ufänken, bis op
13iëme an engem Chantier sëtzen;
an dat ass jo sécher net ze wën-
schen an och kengem zouzemud-
den.

Ech jiddefalls wënschen der Ma-
dame Hennicot an hire Leit aus
dem Ministère vill Chance, eng gutt
Zesummenaarbecht tèschent Mi-
nistère, Architekt, Direktioun an
dem Corps enseignant - an dat be-
sonnesch während der Consulta-
tionsphas an där et net verbue-

den ass, datt d’Architekten och
däerfen op d’Enseignantë lauscher-
ten, well déi kënnen jo aus der
Praxis um Terrain oft och gutt Iddie
liwweren - an datt alles terminge-
recht kann oflafen

Här President, Dir Dammen an Dir
Hären, ech wëll net ofschléissen
ouni ee Punkt ze erwähnen.

Här Minister, ee Punkt, dee mir
ganz perséinlech um Häerz läit,
ass dee vum Numm vum Lallenger
Gebai. Den 9. Oktober 2002 hu
mer d’Annexe Lalleng vum Lycée
technique Esch iwwer Gesetz defi-
nitiv eegestänneg gemaach an
hunn dem Gebai den Numm „Ly-
cée technique Lalleng“ ginn, dee
vun alle Virschléi als neutralen
Numm zrëckbehalde ginn ass.

D’Situatioun huet awer den 22. Ja-
nuar 2003, also dräi Méint nom
Vote vum Gesetz, changéiert, deen
Dag wou de laangjähregen Direk-
ter vum Lycée technique Esch, den
Här Aloyse Reiffers, gestuerwen
ass. Den Här Reiffers huet vill Zäit
an den Développement vum Lycée
technique Esch investéiert a war
och maassgeblech un der Reform
vum ganzen Enseignement tech-
nique bedeelegt. Schliesslech huet
hien an dëser Schoul als Profes-
seur-ingénieur ugefaangen, fir
duerno während 20 Joer Direkter
ze sinn. An dëser Fonctioun huet
hien de Grondstee fir d’Gebai vu
Lalleng geluecht, an him selbst-
verständlech mat sengen engste
Mataarbechter kënnen mer verdan-
ken, datt iwwerhaupt Lalleng koom.

Här President, Dir Dammen an Dir
Hären, dofir sinn ech der Meenung,
datt wann eng kéier dru geduecht
gëtt en aneren Numm ze fannen,
datt een net d’Mérité soll vun dë-
sem Mann vergiessen an hien do-
duerch posthum géif éieren, wann
een engem Lycée technique säin
Numm gëtt. Dat heescht Lycée
technique Aloyse Reiffers.

Ech soen lech merci fir Är Op-
mierksamkeet a bieden lech dese
Projet ze stëmmen. Ech jiddefalls
bréngen den Accord vu menger
Fraktioun.

■ **M. le Président.**- Als nächst
Riednerin ass d’Madame Lydia
Mutsch agedroen. D’Madame
Mutsch huet d’Wuert.

■ **Mme Lydia Mutsch (LSAP).**-
Här President, Dir Dammen an Dir
Hären, den Enseignement tech-
nique ass déi schoulesch Filière,
déi mëttlerweil 60% vun alle
Primärschoulschüler erauswielen.
Dofir wäert et och dann net erstaun-
en, dass sech jidderee Gedanke
mécht, wéi een déi schoulesch In-
frastrukturen dofir kontinuéierlech
muss verbesseren.

Haut schwätze mer iwwert d’Ver-
gréisserung an d’Erbauaarbechte
vun engem vun den Escher Ly-
céeën, de Lycée technique, oder
wéi mir soen, de Lallenger Lycée,
deen eigentlech ganz gënschteg
läit. En huet strategesch eng ganz
gënschteg Ubannung un d’Auto-
bunnsnetz wat relativ no läit, wat et
dann erméiglecht, dass e gutt un
de Rescht vum Land an och mam
Süden a mat der Grande Région
ugeknäppt ka ginn. E läit och ei-
gentlech an engem ganz dyna-
mesche Quartier a fir déi, déi sech
net esou gutt auskennen, wann
ech elo soen, e läit niewent zwou
Sportshalen, dat ass net esou inter-
essant, mä e läit awer och beim
nationalen Tenniszentrum. Och
deen ass an deem Eck. Et ass also
vill lass an e läit och vis-à-vis vun
enger ganz neier Lallenger Primär-
schoul an insgesamt relativ no
beim Zentrum vun Esch.

Also den Emplacement ass gutt,
mä d’Gebai war net dat wat et huet
misse sinn. Dat ass schonn hei
ugeklongen an et ass och ganz
laang näischt dran investéiert ginn,
esou dass et eigentlech iwwerfäl-

leg war fir deen heite Projet op den
Instanzewee ze bréngen.

Et ass jo och haut esou, dass wann
ee Schoule plangt an dat gëllt na-
tierlech och fir Lycéeën, da sollen
déi net hermetesch ofgeschiermt
sinn, esou kasäreméisseg, mä si
mussen no baussen Offenheet sig-
naliséieren. Si mussen frëndlech,
hell a léfteg gebaut sinn an natier-
lech och qualitativ héichwäerteg.
Dat war an de 70er Joren net esou
ganz an net esou iwwerall de Fall.

Dat Gebai, dat elo fir bal 100 Mil-
lioune vergréissert a renovéiert gëtt
a wou zënter 1979 Schoul gehale
gëtt, gouf ni offiziell ofgeholl an et
gouf och ni ageweit. Et gouf, men-
gen ech, och deemools keng Ur-
saach, mussen op alle Fall Leit ge-
mengt hunn, soss wär et wuel ge-
schitt, well schonn am éischte Be-
trijbsjoer stoungen iwwerall d’Ee-
mere ronderëm fir d’Reewaasser
opzefänken. Net well et deemools
schonn e ganz performante Sys-
tem vun der Reewaasserneinot-
zung gi wär, mä well et einfach iwwer-
all aus den Diecher erofge-
drépt huet.

■ **M. Ben Fayot (LSAP).**- Mme
Mutsch, dat war och am neie Kol-
léisch esou, wéi deen opgaangen
ass.

■ **Mme Lydia Mutsch (LSAP).**-
Maja, da maache mer emol Re-
cherchen.

Op alle Fall ass et net einfach de
Plan sectoriel fir schoulesch Infra-
strukturen ëmzesetzen. Dat ass
eng laangootmeg Affär, mä dass et
eng grouss Noutwendegkeet gëtt,
virun allem am Süde vum Land,
gouf hei scho vu mengen zwee Vir-
riedner ervirgestrach, dofir wëll ech
dat och net hei nei maachen.

Eigentlech verfüge mer dann elo
zu Esch iwwer relativ performant
schoulesch Infrastrukturen. D’Er-
neuerung vum Jongelycée virun e
puer Joer, den Neibau vum Lycée
technique am Quartier Rämerech,
dee schonn hei ervirgehuewe ginn
ass, an dann och den ustoenden
Neibau op de Frichë vun Esch/Bel-
val an deem neie Quartier, dee mer
och deemnächst wäerten hei ze
stëmmen kréien. Dat suert fir eng
performant schoulesch Situatioun
am Süden, a wa mer och d’Suerge-
kand vum Lycée Hubert Clement
nach ënner Daach kréien op der
Friche Terres Rouges, ech men-
gen, da wiere mer relativ zefridden,
op alle Fall an a ronderëm den
Escher Eck.

Zréck awer elo op Lalleng. Ufank
2005 soll et lassgoen, well dat ass
jo gekoppelt un de Rämerecher Ly-
cée, deen 2004 zu engem grouss-
en Deel awer nach net ganz
verfügbar ass an da wäert sech
och d’Fro stellen - vläicht fënnt
sech d’Geleeënheet fir dann drop
anzegoen, oder kënnen mer dat
haut scho vun der Ministesch
kréien -, wat dann déi definitiv oder
déi laangfristeg Affektatioun vum
Victor-Hugo-Gebai, oder wéi mir zu
Esch soen, der aler Handwierker-
schoul, wäert ginn, wou natierlech
während de Bauaarbechten do an
och an der Annexe zu Schëffleng
d’Schüler ënnerbruecht ginn an
och d’Enseignanten. Dat ass fir déi
Escher relativ wichteg, well sech
awer eventuell d’Chance kënn bid-
den, dass wann en Deel erhalde
bleift, dass et dann awer och fir de
schoulesche Gebrauch kënn zur
Verfügung stoen.

(Interruption)

Soll ech dat als Propos mat op de
Wee huelen? Ass dat eng Méig-
lechkeet, dass d’Escher Gemeng
et ka kafen? Dat ass bis elo nach
net un eis erugedroe ginn, an dan
der virleschter Sëtzung, wou mer
déi dote Froen un d’Verrieder ge-
stallt hate vun Äre Ministèren, war
gesot ginn, et géing nach Récks-
prooch geholl ginn an et géing
sech bei eis gemellt ginn. Dat war
net de Fall. Dat doten ass eng in-
teressant Proposition. Ech huelen
déi gär mat op de Wee, Madame
Minister.

Elo dann awer nach eng kéier
zréck zum gesamte Plan structurel
an och zum Invest. De Präis ass
héich, dat ass richtig, mä d’schou-
lesch Infrastrukturen kann een net
zum Nulltarif kréien, zumools wa
laang Joren net genuch investéiert
ginn ass, wéi et bei där heiter Ge-
bailechkeet de Fall ass.

98 Milliounen, dat ass net näischt.
Alleng 53 Milliounen Konstruk-
tionskäschten. Pro m³ heescht dat
50 Euro fir ze demoléieren, 285
Euro fir nei ze bauen an 325 Euro fir
dat bestoend Gebai ze renovéieren
oder ze transforméieren. Dat sinn
déi Donnéeën, déi mer kritt hunn
an der Kommissioun an déi waren
och wäertvoll fir d’Diskussiounen,
déi konnte gefouert ginn an dat
erkläert och, wéi et hei scho vu
menge Virriedner gesot ginn ass,
dass natierlech gepréift gëtt, ob
déi Bausubstanz, déi do ass, kann
a soll erhalte ginn an dat schéngt
hei de Fall ze sinn, wat dann
erkläert, dass et net nëmmen eng
Vergréisserung respektiv en Nei-
bau ass, mä dass et och eng Erha-
lung vun der bestoender Bau-
substanz ass.

Och op d’Fro vun Asbest hu mer
eng Äntwert kritt. Et ass eng grouss
Lëscht, déi gefouert gëtt an do
taucht deen heite Site net als e Site
op, dee mat gréisseren Asbestpro-
blemer behaft ass. Allerdéngs hate
mer och schonn op anere Plaze
béis Iwwerraschungen, wou een
net am Virfeld konnt anticipéiere
wat op ee kënn zoukommen. Och
de Gemengen ass et schonn oft
esou gaangen, dass zwar bei de
Viretüde kee fonnt ginn ass, mä
datt sech awer herno erausgestallt
huet, wann d’Bauaarbechte bis
ugefaangen hunn, dass ee bei den
Isolatiounen oder an den Hei-
zungsreier awer es fonnt huet an
dofir ass deen Zäitplang, dee fir
d’baulech Aarbechten ugesat ass,
bestëmmt net ze vill optimistesche
hei genannt. Et ass nëmmen ze
hoffen, dass deen Zäitplang kann
agehale ginn.

Dat Wichtegst ass a bleift modern
schoulesch Infrastrukturen ze
schafe fir d’Schüler an och fir hir
Enseignanten. Modernen Unter-
recht, Accueil, Kantinn, technesch
Infrastrukturen, zum Beispill um in-
formatesche Plang, Atelieren, Fräi-
raumberäich, dat ass wichteg an et
ass hei drop higewise ginn. Et
schaaft awer och doduerch, dass
eng ganz Rëtsch vun Investor fir
den Équiperment virgesi sinn, déi
noutwendeg Flexibilitéit, fir och um
pädagogesche Plang, vläicht nach
eppes drop ze leeën. Zum Beispill,
wann een, wéi dat jo an de Schou-
len och ëmmer méi de Fall ass, a
Richtung geet fir Workshopen ze
maachen, fir zu enger Rei vun the-
matesche Schwéierpunkter kënnen
besser Raimlechkeeten a besser
Équipementer virzefannen, dat ass
schonn eng wichteg Geschicht.

D’Flexibilitéit fir och um pedago-
gesche Plang widerzekommen
niewent de baulechen Annehm-
lechkeeten, erlaabt, souwuel am
Cycle inférieur, also Septiëme bis
Neuviëme, wou jo déi méi breet
Formatioun assuréiert gëtt, wou
zousätzlech Raimlechkeete ge-
schafe ginn a wou d’Schüler op
méi eng Gesamtformatioun vun En-
seignement technique virbereet
ginn, verbessert Aarbechtskondi-
tiounen, verbessert Unterrechts-
konditiounen ze schafen, wéi och
am Cycle moyen an am Cycle su-
périeur, also Dixiëme bis Treiziëme,
wou fir Activités commerciales et
de gestion eng ganz Rëtsch vu
Mesuré virgesi sinn, déi och iwwer-
fällig sinn, an eigentlech kéint
ee soen, wann deen Term nach ap-
plizéiert géif ginn, mir schafen ei-
gentlech hei eng komplett École de
commerce et de gestion, och wa
mer deen Term net méi gebrau-
chen, an dat virun allem alles op
enger Plaz, wat ganz wichteg ass.

Mäi Merci geet natierlech un éischer
Plaz un de Rapporteur fir déi vill
iwwersichtlech Detailer, déi en eis
souwuel a sengem schrëffleche
wéi och a sengem mëndleche
Rapport ginn huet. Dat si mer mëtt-

lerweil vun him gewinnt an dat erlaabt eis et och, déi mer net d'Chance hu fir Rapporteur ze sinn, fir eng ganz Rëtsch vun Aussoen net méi mussen ze maachen, well mer eis kënne bezéien op déi Aussoen, déi scho gemaach gi sinn.

E Merci geet awer och un déi gutt Zesummenaarbecht, déi bestanen huet tëschent der staatlecher Bauververwaltung mat de Servicer vun der zoustänneger Gemeng, well aneschtlers wier et net méiglech gewiescht. Déi dote schoulesch Infrastruktur wäert sech net nëmme positiv auswirken op d'Schüler an op d'Léierpersonal, mä op dat gesamt Ëmfeld. Et ass och méiglech gemaach ginn eng gutt urbanistesche Ubannung ze fannen un den TICE urbain vun der Stad Esch, an och a punkto Accessibilitéit fir déi beschtméiglechste Formulen ze fannen.

Vu dass meng Fraktioun ëmmer e positiven Avis gëtt, wann et drëm geet fir déi schoulesch Infrastrukturen ze verbesseren, wäerte mer dat och bei dësem Projet maachen, an dofir ginn ech dann och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet mat op de Wee.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här John Schummer agedroen. Den Här Schummer huet d'Wuert.

M. John Schummer (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi iwwert dee mer haut ofstëmme ass e weidere Schrëtt an der Politik vun dëser Regierung fir d'Regiounen an eisem Land ze revaloriséieren. Et ass awer och e weidere Schrëtt fir d'Dezentralisatioun vun de schouleschen Infrastrukturen am Land virunzedreiwen.

Mir hunn elo grad iwwert déi nei Gebaier an déi nei Infrastrukture vum Lycée Vauban geschwat. Ech wëll elo net nach eng Kéier all déi Argumenter widderhuelen, déi schonn hei zitéiert gi sinn, firwat dee Projet de loi esou wichteg fir Lëtzebuerg ass. Genausou wichtig wäert adequat Infrastrukture fir d'Privatschoule sinn awer absolut och d'Infrastrukture vun den öffentlechen Schoulen.

Mat senge ronn 13 Milliounen ass de Lycée Vauban nëmmen 10% esou deier wéi den Ausbau vum Lycée technique zu Lalleng. Dee geplangten Ausbau vum Lallenger Lycée wäert ongeféier ronn 100 Milliounen Euro kaschten.

Ech wëll drun erënneren, datt mir net virun allze laanger Zäit nach eng Investitioun an d'schoulesch Infrastrukture gemaach hunn, an zwar deen neie Lycée zu Réiden un der Atert. Genée wéi mam Lycée zu Réiden maache mer mam Lycée technique vu Lalleng ee weidere Schrëtt fir d'Offre scolaire an eisem Land ze dezentraliséieren.

Här President, de Plan directeur sectoriel „lycées“ huet eist Land a fënnef Pölen ënnerdeelt. En ënnersträicht wéi vill zousätzlech Schoulplaze mer bis 2010 virauszichtslech schafe mussen, fir der demographescher Entwécklung hei am Land Rechnung ze droen. Am Norden hu mer mam Réidener Lycée jo schonn en éischte Schrëtt gemaach. Fir de Süde gesäit de Gebai an enger éischter Phas ënner anerem en neie Lycée op den Industriebroochen zu Esch/Belval vir. An enger zweeter Phas, wann déi demographesch Entwécklung et sollt noutwendeg maachen, gesäit de Plang souguer de Bau vun engem oder souguer zwee anere Lycéeën am Pôle Sud vir.

Nieft deenen neie Lycéeën, déi solle gebaut ginn, ass et och wichteg fir déi Lycéeën, déi mer hunn, adequat ze notzen. Et gehéiert dozou, dass mer se an der Rei halen an dass do, wou et noutwendeg an néideg ass, och moderniséiert a souguer ausgebaut gëtt. Genée ëm esou eng Moderniséierung an esou en Ausbau handelt et sech bei deem Gesetz iwwert dat mer

elo grad schwätzen. Insgesamt ass de Projet hei den drëten Deel vun de Baumoosnamen, déi am Kontext vun der Renovéierung, der Restrukturierung an der Vergrësserung vum technesche Lycée vun Esch virgeholl goufen.

An enger éischter Phas goufen nei Ateliere fir de Lycée technique gebaut, fir dann an enger zweeter Phas mam Bau vun engem neie Gebai fir de Lycée technique vun Esch/Raemerech unzefänken. Elo soll déi al Annexe Lalleng vum Lycée technique Esch, an där elo de Lycée technique Lalleng ënnerbruecht ass, réaménagéiert an ausgebaut ginn. Et muss een hei déi excellent Kollaboratioun an Zesummenaarbecht vun allen Acteuren bei dësem Projet ervirsträichen.

D'Zuele vum Statec, awer och déi aus dem Plan directeur sectoriel „lycées“ soen eng Entwécklung vun der schoulescher Populatioun viraus, déi weisen, datt déi technesch Lycéeën zu Esch onbedéngt musse vergrëssert ginn. Fir ze verhënneren, datt mir enges Dags an d'Situatioun kommen, datt eis Schoulen hoffnungslos iwwerfëllt sinn, ass et immens wichteg d'Entwécklung vun dësen demographeschen Zuelen am Aen ze halen. Virun allem muss awer laangfristeg geduecht ginn, well esou Infrastrukture wuesse bekanntlech net iwwer Nuecht aus dem Buedem.

Ech erënneren lech hei nëmmen drun, datt de Bau vun enger neier Schoul vun de Pläng bis datt dora konnt Schoul gehale ginn, zirka aacht an en halleft Joer gedauert huet. Och wa mir deen Zäitraum méttlerweil verkierze konnten, ass awer nach eng gewësse Virsicht anzehalen.

Waren am Schouljoer 1991-1992 am Gebai zu Lalleng, iwwert dat mer hei schwätzen, 773 Schüler, esou sinn et der am Schouljoer 2002-2003 schonns 1.010. A wann net eng intern Reorganisatioun an en Transfert vun e puer Klassen an de Lycée technique vun Esch gemaach gi wieren, da wieren et der elo schonn iwwer 1.200. Wann een dann nach iwwerleet, datt am 6. Schouljoer vun de Primärschoulen zu Esch an an de Gemenge ronderëm 1997 554 Kanner waren, a bis 2009 de Statec mat enger Augmentatioun, ouni de Solde migratoire derbäizezielen, op 1.000 Kanner rechent, dann ass et kloer firwat mir nei Lycéeën baue mussen an déi, déi mer hunn, musse vergrësseren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, en aneren Aspekt vum Ausbau vum Lallenger Lycée ass deen, datt dee ganze Projet och en Deel dozou bäidreit, d'Attraktivitéit vun där Regioun ze verbesseren an ze vergrësseren. Dës Moderniséierungs- an Ausbaubarbechte vum Lallenger Lycée passen deemno an d'Gesamtbild vun der Revalorisatioun vun den Industriebroochen. Esou schreift dann och de Conseil d'État a sengem Avis: „Le projet de loi s'intègre bien dans le cadre de la revalorisation de la friche industrielle de Belval-Ouest et partant aide à redynamiser la vie économique de cette région du pays.“

Déi ganz Lëtzebuurger Gesellschaft, esouwéi d'Lëtzebuurger Ekonomie insgesamt, ass am Wandel. Dee Wandel kann een natierlech besonnesch gutt am Süde vun eisem Land bemiesen a spieren. De Süde war laang Zäit déi dreiwend Kraaft vun eiser Wirtschaft mat senger Stolindustrie. An wann och d'Arcelor, dee weltgréisste Stolproduzent, hei zu Lëtzebuerg doheem ass an d'Industrie weiderhi ganz wichteg fir d'Lëtzebuurger Wirtschaft ass, sou ass awer d'Tertiäriséierung vun der Weltwirtschaft net un der Regioun Süde laanschtgaangen ouni hir Spuren och do ze hannerloossen.

Dank enger konsequenter Diversifizierungspolitik vun dëser Regierung siede sech an dëser Regioun och ëmmer méi Betriber aus dem

tertiäre Secteur, also dem Dëngschtleeschungssecteur un. Dëser Entwécklung muss een dann natierlech Rechnung droen, wann ee sech Gedanken iwwert d'Ausbildung mécht, déi an där Regioun ugebuede gëtt oder ugebuede soll ginn. Sou gëtt zum Beispill den Ausbildungswee am Commerce ëmmer méi gefrot.

Awer och den technologesche Wandel an eiser Gesellschaft bréngt et mat sech, datt d'Entreprises ëmmer nei Qualifikatiounen vun hire Mataarbechter verlaangen. Fir ënner anerem op d'Nofro vun deene Betriber besser reagéieren ze kënnen, sinn zum Beispill de Bac technique an den Diplôme en technicien agefouert ginn. Dës nei Ausbildungsméiglechkeete maachen et eise Kanner zwar no hirer Schoulzäit méi licht um Aarbechtsmaart eng Plaz ze fannen, well se eng gutt Ausbildung hunn, déi um Marché gesicht gëtt, mä op där anerer Säit ginn d'Kanner dann awer och méi laang an d'Schoul.

Dat ass sécher eng Entwécklung, déi ze begrëssen ass, mä do duerch sinn d'kapazitär Grenze vun eise schouleschen Infrastrukturen och vill méi séier erreecht. Mat dësem Gesetz droe mer also dozou bäi, datt eise Kanner déi néideg Infrastrukturen zur Verfügung stinn, déi se brauche fir eng gutt schoulesch Ausbildung ze kréien.

Här President, ech wëll elo net méi op all einzelnen techneschen Detail vun dësem Projet agoen. Den Här Sunnen, deem ech iwwregens nach wëll merci soe fir säin excellentë schrëftlechen a mündleche Rapport, huet eis e gudden Aperçu iwwert déi Aarbechten, déi envisagéiert sinn, heibanne ginn.

Loosst mech nach just e Wuert zu de Coûts complémentaires soen. An Zäiten, wou mir eis Gesellschaft schonns selwer als Informationsgesellschaft bezeichnen, ass et natierlech och immens wichteg, dass d'Schüler an de Schoulen den Émgang mat deenen Informatiounstechnologien matgedelt kréien an och léieren. Fir dat ze erméiglechen, ass awer deen néidegen Équipement bluttnoutwendeg. Wann een da weess, dass deen Équipement, deen haut am Lycée technique zu Lalleng steet, grëssendeels nach aus de 70er Jore staamt, da brauch ech wuel kengem méi ze erkläre wéi wichteg d'Investitiounen an d'Équipements mobiliers an an d'Équipements spéciaux sinn, wéi se dëse Projet de loi virgesäit.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, well et eis Pflicht ass, eise Kanner déi Infrastrukturen zur Verfügung ze stellen, déi hinnen e gudd Schoulof Schloss erméiglechen, a well dëse Projet genée dëst Zil verfolgegt, gëtt meng Fraktioun hiren Accord zu dësem Projet. Ech soen lech merci.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här Aly Jaerling agedroen. Den Här Jaerling huet d'Wuert.

M. Aly Jaerling (ADR). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen ech wëll emol fir d'éischt dem Här Rapporteur, mengem léifsten Nopeschbuergemeeschter, félicitéiere fir säin ausgezeechnete Rapport, esou dass ech eng ganz Rei Saachen net méi hei brauch ze widderhuelen, mä awer och der Madame Stein wëll ech merci soen, well se mech 30 Joer méi jonk gemaach huet, esou dass ech elo amgaange si mer ze iwwerleeën, ob ech awer net nach eng Kéier soll op Brautschau ausgeen.

(Hilarité)

Dee Lycée, deen hei elo virgestallt gëtt, ass wuel vun de Chifferen hier

gesinn deier, mä en ass noutwendeg, well eben an deem Präis, deen hei elo am Projet drasteet, jo awer de gesamte Komplex ganz nei gemaach gëtt, och deen ale Site, wat onbedéngt noutwendeg ass. Wann ee vun Esch ass, ech mengen da weess een dat, wann een dee Lycée gesäit, da gesäit een, dass do wirklech villes muss geschéien, och bei deem ale Site, fir deen erëm astand ze setzen. Och wann deen neien Ubau mer net esou gefält, well en ausgesäit wéi e Containerblock op Stelzen, esou passt e sech awer méi oder weëneger un déi Architektur un, déi elo schonn do ass.

Ech sinn och frou elo hei héieren ze hunn, dass d'Madame Bauteministesch net ofgeneigt ass fir eis dee Lycée Victor Hugo eventuell ze verkafen. Mä nodeems dass mer de Moien den Escher Budget diskutéiert hunn, kann ech lech awer soen, dass mer zu Esch awer och fir all Cadeau ganz oppe gi sinn.

(Hilarité)

Ech wëll elo nach eng Kéier der Madame Stein hei félicitéieren, dass se un den Här Reiffers geduecht huet. Ech hu jo keng esou gutt Relatiounen mat der Schoul gehat, mä ech kann lech bestätegen, dass dat net nëmmen e ganz gudder Professor war, mä och e ganz gudden Direkter, an et war och ee mat deenen Eenzegen, dee jee-mools eppes u mech erubrecht huet, an ech mengen dat ass schonn eng Leeschtung. Elo Spaass bäi Säit, mä ech menge wann ee Mann wirklech verdéngt huet, dass e Lycée no sengem Numm benannt gëtt, dann ass et den Här Reiffers, an dofir wëll ech d'Madame Stein och wirklech félicitéiere fir déi Propos, déi se hei gemaach huet.

Ech ka mech nach esou vague erënneren, dass ech och virun 30, 40 Joer an d'Schoul gaange sinn, dofir sinn ech e bëssen erstaunt, well wéi ech elo den Här Schummer hei héieren hunn, do hunn ech gemengt, d'Schoul wär eréischt entstane wéi d'DP an d'Regierung komm ass. Esou huet dat jiddefalls geklongen. Elo froen ech mech awer: Ma jo, wat huet d'CSV dann déi lescht 50 Joer gemaach? Et stounge jo awer Schoulgebaier do. Oder wien huet déi gebaut?

Also hei schéngt et mer all Kéiers, wann hei iwwert d'Schoulinfrastrukture geschwat gëtt, wéi wann déi eréischt entstane wiere wéi d'DP an d'Regierung komm ass. Also ech mengen do muss een awer emol e bëssen nach eng Kéier d'Geschicht nokenken a kucken ob dat dann effektiv esou ass. Op jiddede Fall sinn eng ganz Rei Infrastrukturen, mat deenen d'DP sech elo breetzt, garantéiert net ënnert dëser Regierung entstanen. Mir stëmme trotzdem dee Projet do.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här Jean Huss agedroen. Den Här Huss huet d'Wuert.

Une voix. - Elo héiere mer emol eng aner Klack!

M. Jean Huss (DÉI GRÉNG). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nodeem de Rapporteur, den Här Sunnen, de Rapport zu dësem Projet virgedroen hat an am Fong alles erkläert hat wat ze erklären dozou war, hätte mer kënnen dee Bau ofschléissen an direkt zum Vote iwwergoen.

Wann ech awer trotzdem hei op d'Pult geklomme sinn, da gëtt et dofir als Ursaachen net nëmmen, dass de Suessemer Buergermeeschter iwwer eng Schoul zu Esch geschwat huet, eng Schëfflenger Exbuergemeeschterin zu engem Projet zu Esch geschwat huet, mä och meng Buergermeeschterin vun Esch dozou geschwat huet, an och elo nach mäin Escher Kolleeg, den Här Jaerling, zu deem Projet geschwat huet, an ech als Escher Lokalpolitiker awer och nach wollt kuerz dozou eppes

soen. Woubäi et allerdéngs nach en zousätzleche Grond gëtt, well ech awer mengen deen Eenzegen heibannen ze sinn, deen an där Schoul vum Lycée technique zu Lalleng effektiv och geschafft huet, an zwar während annerhallwem Joer ongeféier, an do war den Här Sunnen menges Wëssens no Vize-direkter vun deem ganze Komplex vun Esch. Dat bedeit, dass ech natierlech och déi Schoul an hir Problemer ganz gutt kennen.

Et ass also kloer, dass mer hei deen Ausbau vun där Schoul kënnen ënnerstëtzen, besonnesch well jo och kloer duergeluecht ginn ass, dass mer schonn aus reng demographesche Grënn deen Ausbau do brauchen. D'Schülerzuel huet zougeholl a wäert virun zouhuelen, esou dass mer deen Ausbau vum Lycée technique zu Esch brauchen an dat ëmsou méi well mer och nach d'Schüler vum Préparatoire zu Esch hunn, an der grénger Schoul ënner anerem, a well mer déi jo och wëllen an dee Lycée technique do integréieren, esou dass et evident ass, dass mer Schoulraum wäerte méi brauchen, an dofir ass et also ganz kloer, dass mer deen Ausbau musse maachen.

Bon, ech hat gemengt, d'Madame Exbuergemeeschterin vu Schëffleng wëllt mer eng Fro stellen.

Mme Nelly Stein (CSV). - Et ass net Exbuergemeeschterin, et ass Éierebuergemeeschterin.

M. Jean Huss (DÉI GRÉNG). - Éierebuergemeeschterin, pardon.

(Hilarité)

Mme Nelly Stein (CSV). - Här President, ech wollt dem Här Huss just soen, wann hie mengt hie wier deen Eenzege gewiescht, deen do geschafft hätt, wat versteet hien dann ënner schaffen? Zum Beispill den Här Sunnen, den Här Haupt an ech, also ech weess vu mir, ech hu 24 Joer do geschafft, wann een dat ka schaffen nenne wann ee Schoul hält. An d'Madame Bras-seur ass och iergendwann do passéiert, en halleft Joer oder ee Joer, also et hu vill Leit do geschafft, Här Huss. Dir waart just net heibanne wéi mer dat gesot hunn. Merci, Här President.

M. Jean Huss (DÉI GRÉNG). - Do iert Der lech, Madame Stein. Ech war heibanne wéi dovunner geschwat ginn ass, vun Ufank u war ech heibannen, mä ech sinn elo dovunner ausgaangen, dass ech vun deene Riedner, déi hei um Pult sinn, deen Eenzege gewiescht wier. An Ärem Fall hunn ech mech vläicht géiert, wann Dir och do geschafft hutt, dat wusst ech effektiv net, dass Dir och schonn do geschafft hutt.

(Brouhaha général)

Dee klengen Iertum wäert Der mer dann awer noloossen. Dat gesot, ass dat natierlech och e Grond, firwat dass ech dozou hei Stellung geholl hunn.

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

Dat gesot, wëll ech also nach eng Kéier drop zrëckkommen, dass et evident ass, dass ass schonn oft hei betount ginn, dass deen Ausbau noutwendeg ass op Grond vun der demographescher Entwécklung an och well mer d'Préparatoireskanner sollen do mat an d'Lycée-techniquen integréieren, wouzou mir absolut stinn, wat noutwendeg ass.

Eng zweet Saach, déi den Här Sunnen richtegerweis erkläert huet, dat ass während deene Bauzäiten do, wat mat de Schüler soll geschéien, op wat fir eng aner zu Esch situéiert Lycéeë si solle während där Zäit do logéiert ginn, well déi Embauzäite wäerte jo e puer Joren daueren, bis dat fäerdeg ass.

Mir stoungen an der Kommissioun virun der Diskussioun, wat een dann emol iwwerhaapt mat deem Escher Lycée technique do soll maachen, ob een net besser hätt e

komplett ofzerappen an eppes komplett Neies ze bauen oder dat ze maache wat elo geplangt ass, dat heescht Embau, Ausbau an Ubau ze maachen. Ech mengen et wier duerchaus och sënnvoll gewiescht, et hätt een och kënne vertrie de wa mer gesot hätten, mir rappen dee komplett of a bauen eppes komplett Neies, well dat Gebai ass e Gebai aus de 60er Joren, wat och seng Problemer hat. An dofir wier och e kompletten Neibau gerechtfertegt gewiescht. Bon, mir hunn eis elo awer finalement op déi heite Solutioun vum Embau an Ausbau fixéiert a mir hunn och kee Problem fir dann och dat hei matzestëmmen.

Ech wëll vläicht nach eng Remarque maachen, déi, ech mengen d'Madame Stein hei gesot hat virdrun, oder, ech weess net ob Dir et waart, par rapport zu der Asbestproblematik. Et war en aneren, deen d'Asbestproblematik hei scho virgedroen hat, an ech wëll an deem Kontext eng Fro un d'Madame Bauteministesche riichten.

Mir haten hei virun net allze laanger Zäit, nach viru ronn engem Mount, eng Diskussioun mat enger Motioun an der Chamber fir eng Gesamtsituatioun vun allen öffentliche Gebaier wat Asbest ubelaangt an d'Weeër ze leeden. Ech wollt do emol froen, ob domadder schohn ugefaange ginn ass fir an déi Richtung ze goen, fir wirklech e kompletten Iwwerbléck ze kréie vu sämtleche Schoulen an öffentliche Gebaier hei am Land wat d'Asbestproblematik ubelaangt. Also wéi gesot, ass domadder schohn ugefaange ginn?

(Interruptions diverses)

Ma jo, genee hei ass se. Ech hunn elo just hei gesot, ass mat där Motioun, déi mer gestëmmt hunn, ass do schohn an der konkreter Praxis domadder ugefaange ginn an deem Sënn ze schaffen?

(Interruptions diverses)

Dat war also just eng Fro, déi ech hei gestallt hunn.

(Interruptions diverses)

Bon, an dann nach zwou weider Remarken, déi ech ze maachen hunn. Déi éischt bezitt sech op déi gréng Schoul, déi mer zu Esch hunn, wou och d'Kanner vum Préparatoire dra sinn, déi och eng Schoul ass déi net onproblematesch ass. Do wollt ech d'Bauteministesche froen, wann déi Kanner aus dem Préparatoire an d'Lycée-techniquen integréiert ginn, wat geschitt da mat der grénger Schoul? Bestinn do konkret Pläng an deem Zesammenhang?

An da schliesslech nach eng vläicht lescht Remarque, déi mer awer net oninteressant schéngt, déi d'Madame Bauteministesche hei elo selwer hei an d'Diskussioun bruecht huet, wéi se gesot huet, datt se zu Esch d'Gebai vum Victor Hugo eventuell géif gedenken der Stad Esch, ech weess net wéi, ze verkafen oder ze verschenken oder zu engem symbolesche Frang ze verkafen. Ech weess net, wat do Genaues geplangt ass. Ech géif do just gäre wëssen, wat Dir dann elo mat deem Gebai vum Victor Hugo mengt, ob Dir do dat aalt Gebai mengt, dat aalt ehrwürdegt stengent Gebai, oder ob Dir do déi Këscht mengt, déi hannendru gebaut ginn ass, déi an de 60er Joer gebaut ginn ass an déi jo, wann ech richtig verstane hunn, sollt ofgerappt ginn?

(Interruption)

Wann Dir dat aalt Gebai mengt, dat uraalt Gebai do mengt, wat nach en ehrwürdegt an e gutt Gebai ass, da wier dat natierlech eppes, wou déi Escher Gemeng sécherlech interesséiert wier a ganz gäre bereet wier mat lech doriwwer ze diskutieren. Well, wa mer dat virun zwee, dräi Joer gewousst hätten, datt eng Solutioun eventuell kënnt a Fro kommen, dann hätte mer eis virun zwee, dräi Joer vläicht aner Gedanken kënne maachen iwwert d'Schoulplanung vun Esch. Dat

hätt eis munches erlichtert op jidde Fall.

■ **Mme Nelly Stein (CSV).**- Ma doriwwer ass geschwat ginn, dass dat fir d'Escher Gemeng wier. Ech mengen, Dir kënnt...

■ **Une voix.**- Do huet d'Madame Stein Recht. Mir woussten dat.

■ **M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).**- Ah, ech muss lech soen, datt wann Dir dat wousst...

■ **Mme Nelly Stein (CSV).**- All Mënsch huet dovunner geschwat.

■ **M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).**- Et ass ëmmer gesot ginn, datt mer dat net géifen, datt dat net fir d'Escher Gemeng zur Verfügung géif stoen.

■ **Une voix.**- Do war den Ady Jung nach do. Deen huet eis alles gesot.

■ **M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).**- Bon, dat gesot, wollt ech just déi zwou, dräi Froen hei nach opwerfen. Wat elo den Ausbau oder Embau vum Lycée technique zu Lalleng ubelaangt, ass et kloer, datt mer dat wäerte kënne stëmmen.

■ **M. le Président.**- D'Wuert huet elo d'Bauteministesche, d'Madame Erna Hennicot-Schoepges.

■ **Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.**- Här President, Dir Damen an Dir Hären, ech géif ufänken déi Kéier mam Merci un de Rapporteur an ech soen him och merci fir de Projet, deen hien iwwert de Laboratoire gemaach hat. Entschëllegt, ech hat do vergiess de Merci dem Rapporteur auszedrücken.

Et ass natierlech wäertvoll, wann d'Chamberkommissioun an hire Rapporteur séier a gutt Aarbecht maachen, fir datt mer eis Projekte gestëmmt kréien an domadden dann och mat eiser Aarbecht kënne virufueren. Ech soen awer och merci der Verwaltung vun de Bâtiments publics, déi natierlech hei mat dëse véier Projekten, déi haut virgeluecht gi sinn, e grouss Volume un Aarbecht bewältegt hunn.

Dir Dammen an Dir Hären, et soll een net hei d'Licht ënnert de Scheffel stellen. Et soll ee sech och net breze mat Saachen, déi een net verschëllt huet. Mä et ass ëmmer de beschte Prinzip, et bleift ee bei der Wourecht. A wann ee bei der Wourecht bleift, da sinn do Zuelen, déi fir sech schwätzen. Ech denken, déi Regierung vu virdrun hunn tëschent 1985 an 1999 fir 547 Milliounen Bauteprojete fir Schoule gestëmmt an ausgefouert, an dës Regierung huet vun 1999 u bis haut fir 559 Milliounen Euro Schoulprojeten op de Wee bruecht. Déi Zuele schwätze fir sech. Do si ganz kloer Prioritéiten op déi richtig Manéier gesat ginn. Et brauch ee sech net ze schumen, fir dat doten ëmmer op en Neits nees ze soen an domadden ze beweisen, datt ënnert dëser Regierung verschidden Nohuebedarfer opgeschafft gi sinn an datt mer eis domadden alleguerten zesumme solle freeën, datt mer iergendwann eng Kéier dëse Bedarf un neie Schoulgebaier, dee mer hunn, ofgedeckt hunn.

Dat gesot, wëll ech op en etlech Froen agoen, déi hei gestallt gi sinn, wat d'Ofwéckele vun dësem Neibau ugeet, well ech denken, d'Unanimitéit vun allen Diskussionsriedner hei léisst jo keen Zweifel drun, datt dëse Projet vu jiddferengem hei begréisst gëtt an datt en och laang fälleg ass.

Aus mengem viregte Liwen als Éducatiounsministesch kann ech soen, datt et e Gebai ass, wat aus enger Zäit ass, wou op eng eegen Aart a Weis gebaut ginn ass, déi verschidde Problemer mat sech bruecht huet. De flaachen Daach a Gebastels un deem Gebai huet no villen Analysen ëmmer erëm

näischt Richteges erginn, dofir huet déi Wiel, déi d'Regierung getraff huet, fir carrément en neit Gebai, en Ausbau mat Iwwerhuele vun deem ale Gebai dohinner ze setzen, Sënn gemaach. Et ass domadden och natierlech séchergestallt, datt mer hannenno eng Substanz do hunn, déi fir deen Investissement, dee jo no bei 100 Milliounen Euro läit, engem Neibau gläichkënt.

Et ass evident, datt déi Aarbechten am beschten oflafen, wa mer d'Élève net um Chantier hunn. Dofir wëll ech zugläich op dem Rapporteur seng Fro agoen, wat dann d'Ofwéckele vun den Aarbechten ugeet. Et ass natierlech duerch Verspéidungen, déi mer um Lycée Rämereich kritt hunn, awer net esou, datt guer keng Klasse kënnen an de Lycée Rämereich erakommen. Au contraire, de Lycée Rämereich ass, wat normal Klassen- a speziell Säll ugeet, bezugsfäeg fir de September 2004. Dat heescht, do kënnen eng Partie Élève eriwvergoen.

Et ass Verspéidung, wat de Préau, den Hall sportif an d'Structure d'accueil ugeet, déi eréischt fir de September 2005 fäerdeg sinn, soudatt mer an deem Fall kënne mat den Aarbechten um Lallenger Lycée am Summer 2005 ufänken. Mir rechne mat enger Bauphas vun nëmmen dräi Joer, vu datt keng Élève um Site sinn. D'Élève ginn da verdeelt op déi dräi Gebaier. Dat eent, dat hunn ech gesot, ass de Lycée Rämereich, dat anert ass dann de Victor Hugo, an dat drëtt wier dann an dësem Fall déi gréng Schoul.

Dat gesot, ass natierlech dëse Chantier an deem Sënn eng Chance, datt mer kënne mol eng Kéier dat maachen, wat mer bei ville Schoule gäre géife maachen, dat heescht, e Chantier virundreiwen, ouni datt och nach zugläich um Chantier muss Schoul gehale ginn. Dat ass op jidde Fall eng Aart a Weis ze schaffen, déi fir d'Professeren awer och fir déi Leit vun der Bauverwaltung ganz penibel ass, déi oft zu onheemleche Verzögerunge féiert an déi domadden net ze recommandéieren ass. Ech sinn dofir frou, datt mer hei op Versteesdemech gestouss sinn.

Et ass och virgesinn, datt mer mat alle Verantwortlechen eng gutt Zesummenaarbecht hunn. Ech wëll just hei dobäi bemierken, datt d'Wënsch jo ëmmer iwwert dem Baue kommen, datt awer déi Wënsch alleguerten och ee Käschtepunkt hunn an datt ee muss wëssen, datt dann hei awer dee Kredit, deen d'Chamber elo stëmmt, net d'Dier opmécht fir all nei Wënsch zouzeloossen, well mer jo de Kader haut gesat kréie vun den Investissementen, déi mer maachen.

Et ass hei gesot gi vun der Madame Mutsch, et wier ganz laang näischt gemaach ginn un dësem Lycée. Dat stëmmt. Et ass an der vergaangener Zäit net esou einfach gewiescht fir un engem Gebai, wat vun der Grondstruktur hier vill Problemer hat, eppes ze maachen.

Et ass awer evident - an domat kommen ech dann zu deene Froen, déi den Här Huss hei opgeworf huet, wat d'Situatioun vun dem Victor-Hugo-Gebai ugeet -, datt déi Annexe, déi scho bauléig war virun enger Zäit, muss condemnéiert ginn an et awer net sécher ass, ob mer d'Victor-Hugo-Gebai an enger éischer Phas direkt frai kréien, fir dann ze decidéieren, wat domat soll geschéien. Ech ka mech jiddefalls erënnern, datt mäi Virgänger an ech als fréier Éducatiounsministesch mat der Escher Gemeng scho Verhandlungen hatten an datt mer woussten, datt d'Gemeng frou wier, fir dat Gebai Victor Hugo ze kréien, souwäit wéi d'Éducatioun et net selwer fir hir

eegen Zwecker bräicht. Et ass also do vun dem Stat hier kee Schloss. De Stat verwiert sech net, fir do och mat der Escher Gemeng iwwer esou Perspektiven ze diskutieren.

Eng aner Fro ass, wat mat der grénger Schoul geschitt. Dat war a mengen Aen ëmmer e Gebai, wat ze condemnéiere wier, well et eben an esou engem schlechten Zoustand ass, datt näischt méi domat unzefänken ass. Ech denken, wa mer bis déi Iwwerbréckungsperiod iwwerstanen hunn, wa mer dat neit Lallenger Gebai do stoen hunn, da wier déi gréng Schoul a mengen Ae jiddefalls ze condemnéieren an dat ass och d'Meenung vun den Experten.

Dat gesot, gëtt et natierlech domadden elo fir Esch Perspektiven, wat de Schoulneibau ugeet, well, wa Rämereich bezu ka ginn a wa Lalleng bis fäerdeg ass, da bleiwen trotz allem nach am Plan sectoriel de Lycée Esch/Belval, andeems datt mer de Programm vun der Standardisatioun elo komplett fäerdeg hunn, kënne mer am Bauteministère direkt um Lycée Esch/Beval ufänken ze plangen. Mir kënnen och ufänken um Lycée vu Jonglënster ze plangen. Mir hunn dann awer nach eng Partie problematesch Siten, déi opbleiwen. Dorënner de Lycée technique vun Ettelbréck, wou mer nach de Problem vum Terrain ëmmer net geléist hunn, de Lycée technique vu Bouneweg, wou mer och nach ëmmer de Problem vum Terrain net geléist hunn an dann de Lycée Hubert Clement op der Lentille Terres rouges, wou mer nach op d'Definitiou vun den Terrains d'implantation duerch d'AGORA an duerch d'Escher Gemeng waarden.

Dat gesot, mengen ech, huet dës Regierung domadder esouwuel dat opgeschafft wat an der Vergaangenheet virbereet ginn ass - och dat muss hei gesot ginn - a wat de Plan sectoriel ugeet, sinn d'Aarbechte wäit genuch, fir datt eng nächst Regierung - wa se an deemselwechte Rhythmus weider plangt, virausgesat si werft dann net erëm alles iwwert de Koup wat elo gemaach ginn ass a punkto Standardisatioun an a punkto Zesummenaarbecht tëschent Bauteministère an Éducatiounsministère - dann all Chancen huet, fir mat der Planung séier virunzecommen.

Dat gesot, Här President, wäert ech d'Suggestioun vun der Madame Stein, fir den Numm vum Gebai, mat an d'Regierung huelen, an da wäerte mer och doriwwer - ech wëll zwar do kengem virgräifen - eis Gedanke maachen. Et ass ëmmer gutt wann ee Leit, déi grouss Mériten hunn, am Beräich vum Schoulwiesen och iwwert deen dote Wee éiert an hinnen eng Reconnaissance posthum gëtt. Ech soen allen, déi un dësem Projet matgeschafft hunn, nach eng Kéier merci a merci all deenen, déi e wäerte stëmmen.

■ **M. le Président.**- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 5209 a stëmmen doriwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 4 si gelies an ugeholl.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalte sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Paul-Henri Meyers), Marcel Sauber, Marco Schank (par M.

Théo Stendebach), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Ripinger, Marco Schroell et John Schummer;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jos Scheuer), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par M. Alex Bodry), Lucien Lux (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par Mme Mady Delvaux-Stehres) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Fernand Greisen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Da komme mer elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5210 iwwer e Bau fir de Centre de recherche public Gabriel Lippmann. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et sinn agedroe bis elo: d'Madame Mutsch, déi Häre Schummer, Greisen an Huss. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Fred Sunnen.

(Interruption)

4. 5210 - Projet de loi relatif à la construction d'un bâtiment pour le Centre de recherche public „Gabriel Lippmann“ sur la friche industrielle de Belval-Ouest y compris l'acquisition des équipements spéciaux et l'aménagement des alentours

Rapport de la Commission des Travaux publics

■ **M. Fred Sunnen (CSV), rapporteur.**- Här Bodry, tréischt lech, et ass dee leschte Projet.

(Interruption)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Budgetsrapporteur, den honorabelen Här Jean-Marie Halsdorf, hat a sengem Rapport d'Fuerschung als eng vun de Prioritéiten vun dëser a vun den zukünftege Regierungen dohi gesat, well se eng kruzial Roll bei der wirtschaftlecher Diversifikatioun spille muss. Dobäi muss gesot ginn, dass net bei null ugefaange gëtt. Eist Land huet an de leschte Joren op dësem Gebitt opgeholl. Mat der Uni Lëtzebuerg schléisst sech virleefeg de Krees vun de gesetzlechen Etappen, déi de Fuerschungsstanduert Lëtzebuerg weider no vir bréngen.

Am Kielwaasser vun der zukünfteger Gestaltung vun der Uni Lëtzebuerg spillen d'Centres de recherche publics eng wichteg Roll, well si un d'Uni associéiert sinn an an d'Cité des Sciences op Esch/Belval integréiert ginn. Am Gesetz vum 9. März 1987 ass déi gesetzlech Basis vun de Centres de recherche geluecht ginn. Op Basis vun dësem Gesetz ass duerch e groussherzoglech Reglement vum 31. Juli 1987 de Centre de recherche public Centre universitaire an d'Liewe geruff ginn. Sain aktuellen Numm huet de Centre de recherche Gabriel Lippmann, dee sech iwwregens am Moment nach an der Avenue de la